N° 4733
Reçue le 23.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.07.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/07/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

A verschiddenen Alters- a Fleegeheemer ass et nach Usus, dass d'Bewunner sech d'Buedzëmmer an/oder d'Toilette deele mussen. Op *servior.lu,* zum Beispill, liest e bei den Zëmmerbeschreiwunge Folgendes:

> *Alle Einzelzimmer sind mit einem Bett und einem Nachttisch ausgestattet und verfügen über eine eigene Toilette und einem Waschbecken. Noch nicht alle Zimmer ein privates Duschzimmer.*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun de Bewunner an de lëtzebuergesche Fleegeheemer hu keng eegen Dusch, déi ausschliisslech fir hire Privatgebrauch reservéiert ass?
   A wéi enge Fleegeheemer ass dëst de Fall?

2. Wéi vill vun de Bewunner an de lëtzebuergesche Fleegeheemer hu keng eegen Toilette, déi ausschliisslech fir hire Privatgebrauch reservéiert ass?
   A wéi enge Fleegeheemer ass dëst de Fall?

3. Wéi vill vun de Bewunner an de lëtzebuergesche Fleegeheemer hu keen eegent Buedzëmmer mat Toilette, Lavabo an Dusch, dat ausschliisslech fir hire Privatgebrauch reservéiert ass?
   A wéi enge Fleegeheemer ass dëst de Fall?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député